N°02 2009

# de Kéisécker



## LUXEMBURGER LANDWIRTE UND DER BIOLANDBAU

mouvement écologique


**INTERVIEW** 6

Interview mit Erny Gillen

**LANDWIRTSCHAFT** 9

Luxemburger Landwirte und der Biolandbau

**WAHLEN 2009** 20

Parteien antworten dem Mouvement Ecologique












5 453000 161014

Interview mam


# ERNY GILLEN

## Präsident vun der CARITAS

*zu dem Engagement vun der CARITAS am Themeberäich vum Klimaschutz*

*An neien Allianze tëscht nationalen an internationalen Ëmwelt- a Solidaritéitsverbänn läit vill Kraaft fir Synergien a Potential vu géigesäitegem Léieren an Unerkennen.*

*Eis geet et als Caritas an der Klimagerechtegkeetsfro ëm déi Mënschen, déi dem gréisste Risiko ausgesat sinn. An dat sinn déi kleng Leit hei zu Lëtzebuerg, grad esou gutt wéi queesch uechtert d'Welt.*



Erny Gillen, Präsident vun der Caritas

*De Kéisécker: Här Gillen, op den éischte Bléck vläit fir munchereen erstaunlech, firwat engagéiert sech Caritas Lëtzebuerg ewell esou staark am Klimaberäich, an och beim Projet „VotumKlima"?*

*E. Gillen:* Ech muss lech gestoen, datt mir op der Caritas nach bal méi erstaunt waren iwwert déi negativ Reaktiounen, déi dësen Engagement bei e puer vereenzelte Stëmmen aus der Gesellschaft ausgeléist huet. Wier et dann eigentlech net méi erstaunlech, wann een Hëllefswierk wéi d'Caritas, dat sech säit sengem Bestoe mat Katastrophen a Préventioun vu Katastrophe beschäftegt, sech net och mat der Katastroph vum Klimawandel géif ausenaner setzen? An der urwüchseger Natur huet de Mënsch sech duerch d'Joerdausenden erduerch misse säi Lieweesraum géint d'Kräfte vun der Natur erkämpfen. Land a Buedem geziilt esou ze kultivéieren, datt et sech fir d'Liewensmëttelproduktioun vum Mënsch selwer géeegent huet, gehéiert zu de geschichtlech-kulturelle Leeschtunge vum Mënsch. Fir aus der Natur eraus seng eege Kultur opzebauen huet en eng Harmonie an e Gläichgewiicht misse mat der Natur fannen a respektéieren.

Wéi ee berühmten Adage seet, ass et d'Kultur, déi d'Ongläichheet tëschent de Mënschen ervirbruecht huet. An der eegener Spezies hunn Differenzéierung a Spezialiséierung zu neie Forme vu Gerechtegkeet an Ongerechtegkeeten gefouert. Ënnert den Herrschaftsverhältnisser vun der dominanter Kultur haten déi Privilegiéiert éischter Accès zu propperem Waasser, Hygiène a Bildung wéi déi manner Privilegiéiert. An dat ass haut net aneschters. D'Natur an den Ëmgang mat hire Ressourcen ass ënnert der Herrschaft vum Mënsch eng elementar gesellschaftspolitesch a kulturell Fro.

Et ass keen Naturphänomen, datt déi aarm Leit souzesoe mat de Féiss am Waasser wunnen oder um Rand vun Dürregebieter a Wüsten. Si krute keng aner Wiel. De Versuch, d'Migratioun weltwäit an de Grëff ze kréien an deelweis ze kriminaliséieren ass eng vun den dramateschen Expressioune vu Protektionismus an Exklusioun. Do wou mir als Caritas intervenéieren, ass de Klima oft rau an hostile. Dëst gëllt esouwuel fir de klimatologeschen Aspekt ewéi fir de politeschen Aspekt vum Klima. Do wou Klimawandel oder Klimawiessel um Ordre du Jour stinn, heefe sech d'Risikofaktore besonnesch fir déi schwaach Leit. Do wou d'Liewe vum Mënsch a seng gerecht Bedingungen um Spill stinn, ass d'Caritas vun hirem Objet hier gefuerdert.

*De Kéisécker: Huet Caritas da scho Feedback vu senge Partner aus den Entwécklungslänner, datt dem Klimawandel seng Auswierkunge spierbar sinn?*

*E. Gillen:* Am Kader vum Projet „180° le virage climatique" hu mir vun der ILRES ausgewielte Bierger a Biergerinne vu Lëtzebuerg a Groenland an an de Bangladesh geschéckt. D'Caritas am Bangladesh ass e laangjärege Partner vun der Caritas Lëtzebuerg. Déi fir de Mënsch noutwenneg Harmonie tëschent Land, Waasser a Wand brécht ëmmer méi heefeg ausernaner a fuerdert hir Affer an der Natur an och um Mënsch. D'Heftegkeet an d'Zuel vun de Stierm hu weltwäit zougeholl. Wann haut manner Leit, beispillsweis am Bangladesh, bei esou Stierm hiert Liewe loossen, dann ass dat och e Verdingscht vun der Katastrophepräventioun déi d'Caritas do säit iwwert zing Joer leescht, z. B. duerch de Bau vu sougenannte „cyclone shelters".




Do wou Klimawandel oder Klimawiessel um Ordre du Jour stinn, heefe sech d'Risikofaktore besonnesch fir déi schwaach Leit. Do wou d'Liewe vum Mënsch a seng gerecht Bedingungen um Spill stinn, ass d'Caritas vun hirem Objet hier gefuerdert.

*De Kéisécker: Caritas an aner ONGen aus dem Entwécklungsberäich fäerten, datt an Zukunft Gelder aus der Entwécklungshëllef nëmmen nach an de Katastropheschutz fléissen. Wéi kann een dat verhënneren?*

*E. Gillen:* An enger wuelverstanener Entwécklungszesummenaarbecht steet de Katastropheschutz net géint eng integral Entwécklung. Do wou d'Natur als Liewensraum fir de Mënsch geschützt muss ginn, geet dat an der Regel net laanscht de Mënsch selwer. De Schutz vun de Räiskulturen an de Leit hire Wunnechten, am Bangladesh zum Beispill, geet Hand an Hand. En adäquate Katastropheschutz am Kader vun der Kooperatioun beinhalt kuerz-, mëttel- a laangfristeg Usätz. D'Aarbecht vum Service „Coopération internationale" vun der Caritas Lëtzebuerg ass zum Beispill entspriechend ausgeriicht.

*De Kéisécker: Klimagerechtegkeet heiheem, ass dat och en Thema fir d'Caritas?*

*E. Gillen:* Spéitstens säit der Finanz- a Wirtschaftskris wësse mir erëm, datt déi Liewensstandarden, déi vill Leit hei zu Lëtzebuerg kennen, héichgradeg vun internationale Kapitalflëss ofhängeg sinn. Mir wëssen awer och: Ee lokalen an isoléierte Problem an enger Nationalökonomie kann déi ganz Weltwirtschaft zum Wackelen, jo zum Zesummebrieche brénger. Grad esou kloer ass et, datt mir eis alleguerten op dëser Welt een an deeselwechte Klima deele mussen. Mir liewe quasi an engem geschlossene System, wou d'Belaaschtung op eiser Sait gläichermoossen Auswierkungen op de gesamte System huet. Ënnert der Erkenntnis vun engem globale Klima verännere sech Gerechtegkeetsfroen a -parameteren däitlech. Gott sei Dank schingt et jo sou ze sinn, datt haut keng seriös Partei den Zesummenhang tëschent Klima a Gerechtegkeet weltwäit méi a Fro stellt. Gestridde gëtt ledeglech nach ëm déi richteg Mesuren. Dat ass ëmmerhin schonn e grousse Fortschrëtt. Eis geet et als Caritas an der Klimagerechtegkeetsfro ëm déi Mënschen, déi dem gréisste Risiko ausgesat sinn. An dat sinn déi kleng Leit hei zu Lëtzebuerg, grad esou gutt wéi queesch uechtert d'Welt. Déi weltwäit geschëllte Klimagerechtegkeet däerf net op d'Käschte vun der Solidaritéit mat deene Schwaachen hei zu Land an international goen. De Prinzip vum „pollueur-payeur" muss och an dësem Zesummenhang geléngen. A mir sollten de geschichtlechen Ausgangspunkt fir dës Gerechtegkeetsfro wäit genuch an eis industriell Zäitgeschicht setze goen.



Klimaschutz ass och eng Fro vu Gerechtegkeet. © Foto M. Bodson



Armutsbekämpfung an emmissiounsfräit Liewen hunn allen zwee mat engem klore Versteestemech vun Nohaltegkeet ze dinn

*De Kéisecker: Ass ronderëm d'Thema Klimagerechtegkeet - Klimaschutz eng nei Allianz vun der Zivilgesellschaft néideg a méiglech?*

*E. Gillen:* Eis ganz Gesellschaft ass zur Zait am Ëmbroch. Al Clichéen a Grief wäerten eis wuel kaum weiderhëllefen, déi bedrängend Froe vun onser Zait gemeinsam a konstruktiv unzegoen. Wann et kloer ass, datt de Konvergenzpunkt vun de verschiddenen themateschen Achsen vum zivilgesellschaftlechen Engagement d'Gerechtegkeetsfro ass, da läit et dach op der Hand, datt sech national an international Ëmwelt- a Solidaritéitsverbänn um selwechten Terrain erëmfannen. An esou neien Allianze läit net nëmme vill Kraaft fir Synergien. Et läit och ee Potential vu géigesäitegem Léieren an Unerkennen dran.

*De Kéisécker: An anere Länner mécht d'Caritas extra Aktioune fir och sozial méi schwaach Leit an hire Beméiunge fir Energiespueren z'ënnerstëtzen. Wësst Dir, ob déi Succès hunn? Mengt Dir net och, et hätt Lëtzebuerg gutt zu Gesiicht gestanen ähnlech Moossnamen an de Konjunkturpak mat eran ze huelen?*

*E. Gillen:* De Caritasverband Däitschland huet virun 2 Méint zesumme mat dem „Bundesverband der Energie- und Klimaschutzagenturen Deutschlands" d'Aktioun „Stromspar-Check" an d'Liewe geruff. Et ass nach ze fréi fir de gesamten Impakt vun dësem Programm miessen ze kënnen, mee et ass kloer, datt et eng sënnvoll Moossnam ass. Duerch e richtegen Ëmgang mat Elektroapparate kënne manner bemëttelt Haushalter bis zu 100€ pro Joer spueren. E weidere wichtigen Aspekt ass, datt déi sougenannte „Stromsparhelfer" Laangzäitaarbechtsloser sinn a sou eng sënnvoll Beschäftegung kréien. Dëse Programm verbënnt also virbildlech wirtschaftlech, sozial an ökologesch Aspekter.

Aarmutsbekämpfung an emissiounsfräit Liewen hunn allen zwee mat engem klore Versteesdemech vun Nohaltegkeet ze dinn. Emissiounsaarm liewen däerf net en neie Luxus fir déi ginn, déi sech et leeschte kënnen. De sougenannte Konjunkturpak huet de Prinzip vun der Nohaltegkeet net genügend virun Aen, wëll en déi dräi Standbeen vun Nohaltegkeet - Ëmweltfrëndlechkeet, Sozialverträglechkeet a Wirtschaftlechkeet - net op een Nenner bréngt. Eis Aart a Weis fir ze wunnen a fir ze bauen zum Beispill biergt e grousst Verbesserungspotential dat net genügend genotzt ginn ass. De sozialpädagogeschen Aspekt vum Wunnen a Liewen ass net emol ugeschnidde ginn. Dobäi stieche grad am Liewens- an am Wunnraum vun de Mënsche grouss Léiermëiglechkeete fir eng méi gerecht Gesellschaft heiheem an doriwwer eraus. Dozou hu mir an onsem Sozialalmanach 2009, dee grad erauskomm ass, entspriechend Fuerderungen un d'Politik gestallt.

*De Kéisécker: Merci fir den Interview*



Grad am Liewens- an am Wunnraum vu Mënsche stieche grouss Léiermëiglechkeete.